PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/03/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.

Den Dépôt vun de Kandidatelëschte fir d'Gemengewale steet virun der Dier. Dofir sinn elo vill Kandidaten an déi, déi et wëlle ginn, déi sech ob hir Gemeng beginn, fir do Informatiounen zu de Lëschten an de Walen am Allgemengen ze froen. Net all Gemeng schéngt awer prett, fir dës Informatiounen ze ginn. Eisen Ost-Piraten ass vun enger Gemeng Gréiwemaacher gesot ginn, dass deen Service dës Woch net besat wier.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Fënnt d'Ministesch net, dass elo wou d'Parteien hier Lëschte virbereeden déi Poste musse besat sinn?
2. Falls et net esou ass, wäert Madamm Ministesch mat enger Circulaire reagéiere, fir dass hei net wäertvoll Zäit verluer geet?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten